Fédération des Universitaires
au Service de l'État
**Enseignement**
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

Lëtzebuerg, de 24. Mee 2023

# Congé CET a Mutatiounsprozedur

## 1) Prezisiounen zum Congé CET

Säit dem Akraafttriede vum Gesetz iwwert den Zäitspuerkont (CET) an der Fonction publique (1.10.2018) hu vill Enseignanten e groussen Deel vun hire geleeschten Iwwerstonnen op hirem CET ugespuert.

Fir d'Notze vun där ugespuerter Zäit gesäit d'Instruction ministérielle zur Schoulorganisatioun eng Decharge mat der Bezeechnung « **CONET** » (*Décharge accordée pour congé épargne-temps*) vir. Mat deene Verantwortleche vum MENJE war vun Ufank u gekläert ginn, dass **den ACT72 am Fall vun engem Congé CET net proratiséiert gëtt**. **Allerdéngs schéngt net all Lycéesdirektioun uechtert d'Land heiriwwer informéiert ginn ze sinn**. **Hei besteet dréngend „Nachholbedarf"!**

D'Tâche réglementaire vum Enseignant am Secondaire läit tëscht 21,50 an 22,49 Leçonen (bei 100 % Service). Déi logesch Konsequenz heivun ass, dass **d'Tâche vun engem Enseignant, deen eng Decharge** « **CONET** » **accordéiert kritt, just bis 21,50 Leçonen** (1 Leçon ACT72 abegraff) **opgefëllt gëtt**.

Fir eng Année sabbatique respektiv fir ee Joer virum eigentlechen Antrëtt an d'Pensioun vun engem komplette Joer Congé CET kënnen ze profitéieren, brauch en Enseignant am Secondaire deemno 21,5 Leçonen Decharge « CONET », an ass domat wärend dëser Zäit komplett vum ACT72 entbonnen. Eventuell Altersdecharge gi vun deenen 21,5 Leçone selbstverständlech nach ofgezunn.

Des Weideren ass eis zu Ouere komm, dass eenzel Direktiounen all Ufro vun hiren Enseignantë fir e Congé CET accordéiert ze kréien d'office refuséieren. Dës ondifferenzéiert Virgoensweis entsprécht iwwerhaapt net dem Geescht vum Gesetz zum Zäitspuerkont an der Fonction publique, deen et am Prinzip all Agent erlabe soll, seng ugespuerten Iwwerstonnen ënner Form vu Congé kënnen ze notzen. **De chronesche Personalmanktem, deen d'Enseignantë selwer net ze veräntwerten hunn, däerf net permanent als Ausried genotzt gi fir esou Demandë pauschal ze refuséieren.** All eenzel Ufro fir eng Decharge CONET muss am Detail gepréift ginn a wann nëmmen iergendwéi méiglech och accordéiert ginn, falls néideg ënner Mathëllef vum MENJE. **De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP wäert dësem Spill jiddefalls net méi nokucken!**

## 2) Mutatiounsprozedur a Postes à profil

Mir hunn net schlecht gestaunt wéi mir an der Lëscht mat den oppene Poste fir d'Schouljoer 2023/24 – déi jidder Enseignant dëser Deeg vu senger Direktioun zougestallt kritt – hu misste feststellen, dass all Lycée fir dat kommend Schouljoer **2 Postes à profil** definéieren duerft. Zur Erënnerung: Bei engem sougenannte „Poste à profil" ginn déi üblech Prioritéitsreegelen a punkto Anciennetéit ausser Kraaft gesat an eng Direktioun kann dësen oppene Poste mat engem Enseignant vu hirem Choix besetzen.

Beim Aféiere vun dësem Instrument gouf deemools ganz kloer an däitlech tëscht deene Verantwortleche vum MENJE an der FÉDUSE/Enseignement-CGFP ofgemaach, dass all Lycée pro Joer **maximal 1 Poste à profil** zegutt hätt. Wéi opgrond vun der Reduktioun vun der Dauer vum Stage vun 3 op 2 Joer duebel esou vill Stagiairë matenee fäerdeg goufen ewéi normalerweis, gouf deemools *de commun accord* tescht MENJE a FÉDUSE festgehalen, dass all Lycée fir d'Schouljoer 2020/21 ausnamsweis zwee Postes à profil zegutt hätt. Fir d'Schouljoren 2021/22 an 2022/23 hat dunn erëm all Lycée, ewéi gewinnt, just een eenzege Poste à profil ze gutt.

**Zu kengem Moment gouf mam Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP als national representative Syndikat fir de gesamten Enseignement secondaire iwwert eng Verdueblung vun de Postes à profil fir dat kommend Schouljoer 2023/24 geschwat** a mir verstinn och iwwerhaapt net, wouhier dës Necessitéit op eemol kënnt.

**D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP schwätzt sech jiddefalls zu dësem Zäitpunkt strikt géint eng Verdueblung vun de Postes à profil aus! Dëst wier nëmmen akzeptabel am Kontext vun enger verstänneg ëmgesater Reform vun der Affektatiouns- a Mutatiounsprozedur, déi de Rekrutement ënnert dem Statut vum Fonctionnaire endlech erëm méi attraktiv gestalte géif**. D'Anciennetéit vum Professer soll an der Mutatiounsprozedur den Haaptkrittär bleiwen, an net d'Interessië vun eenzelen Direktiounen oder vum Educatiounsministère.

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP